



# Stëmm vun der Strooss

Septembre 2016 / N°88



**20 JOER STËMM VUN DER STROOSS**

Editorial

# 20 JOER STÈMM VUN DER STROOSS

E Gebuertsdag vun enger Associatioun ass e Grond fir ze feieren, kloer, fir no vir ze kucken, jo, a sécherlech och, fir e Bléck zeréckzegeheien. Ze kucken, ob d'Ziler, déi een sech virun 20 Joer ginn hat, och erreecht gi sinn.

### VLÄICHT E Bilan ze maachen?

D'Stëmm vun der Strooss huet sech deemools, virun 20 Joer, d'Hëllef fir déi mannerbemëttelt vun eise Matbierger op de Fändel geschriwwen. Deenen ze hëllef, déi néierenswou anescht eng Hëllef fannen a fonnt hunn. No dësem Motto hunn déi Responsabel, zesumme mat de Mataarbechterinnen a Mataarbechter vun der Stëmm vun der Strooss ëmmer erëm, bis haut, versicht, hiert Bescht ze maachen.

Och wann den Ausléiser fir d'Entsteeung vun der Stëmm virun 20 Joer war, eng Zeitung erauszeginn, déi op d'Problemer vun der Aarmut an hir Folge sollt opmierksam maachen, war dach schnell erkannt ginn, datt et méi wichteg wier, konkret Hëllef unzebidden.

Dat ass vun deemools u konsequent geschitt. D'Opfankstrukturen zu Bouneweg an zu Esch sinn entstanen, wou déi Matbierger, déi wollte bei eis kommen, eng waarm Moolrecht, Kleeder a Betreierung an de verschiddenste Formen ugebuede kritt hunn. Dëst ass a bleift och haut nach eng vun eise wichtegsten Aufgaben.

Feststellen ass haut, datt d'Unzuel vun deenen, déi bei eis kommen enorm zougeholl huet. Mir platzen aus allen Néit. Dat bedréckt eis natierlech, awer et bestärkt eis och, weiderzefueren an eis Hëllef auszubauen.

Och wann d'Opfankstrukturen dat Mëttel sinn, fir direkt a konkret ze hëllef, esou war et fir d'Stëmm och wichteg, fir op aner Moyenen

zeréckzegräifen, an dat, fir och ze versichen, do anzewierken, wou eng Partie vun de Grënn léien, firwat munchere sech leider am Misère erëmfënnt.

De Betraffenen en Ëmfeld ze schafen, wou se net méi mat sech selwer eleng sinn, wou se mat anere Leit reegelméisseg a Kontakt kommen, wou se sech kënnen fir e puer Stonnen am Dag vun hirem Alldag léisen, dat war an ass d'Erausfuerderung. D'Stëmm huet an dësem Sënn Atelierer ageriicht, wou mer kënnen Aarbecht ubidden, déi an der Relatioun mat de physeschen a psychesche Fäegkeete vun de Betraffenen iwwereneestëmmen. D'Stëmm beschäftegt haut iwwer 150 Matbierger aus de Beräicher RMG an awer och Leit, déi keng Rechter hunn an awer wëllen eppes Sënnvolles maachen. Och waren déi Responsabel vun der Stëmm iwwerzeegt, datt eng adequat, propper a bezuelbar Wunneng och derzou ka bäidroen, datt d'Stabilitéit an domatter de Wee, fir an déi sougenannten Normalitéit zeréckzefannen, e bëssche méi einfach ka ginn. Mat dem Programm vun der Immo-Stëmm hu mer haut 25 Wunnengen u Leit mat schwachem Akommes kënnen vermëttelen.

Den Ausbau vun eisen Aktivitéiten ass fir de Moment mat eisem Post-Therapiezentrum zu Schëndels ukomm. An dësem Zenter empfänken a betreie mir Clienten, déi aus deene verschiddensten Therapië kommen a bereet sinn, en neit Liewen ouni Ofhängegkeet ze féieren.

D'Stëmm vun der Strooss beschäftegt haut 40 Mataarbechterinnen a Mataarbechter, fir eiser selwer gestallter Aufgab esou wäit wéi méiglech gerecht ze ginn, déi do heescht: „Deenen ze hëllef, déi néierenswou anescht eng Hëllef fannen“.

Wichtig ze bemierken ass, datt eng Organisatioun wéi d'Stëmm vun der Strooss och selwer op eng ganz Unzuel vun Hëllefeng ugewise ass.

Dofir e grouse Merci un de Ministère vun der Santé mat hire politesche Verantwortungsträger an de Fonctionnaires aus dësem Ministère, déi vun Ufank un ëmmer erëm fir eis Iwwerleeungen a Wënsch en oppent Ouer haten an hunn.

Eisen Donateurs, déi aus alle Beräicher vun eiser Gesellschaft kommen an eis mat vill perséinlech a finanziellem Asaz ënnerstëtzen.

Ouni d'Equipe vun der Stëmm vun der Strooss, zesumme mat de Benevollen a mat all deenen, déi eis ënnerstëtzen, wier et onméiglech, der gestallter Aufgab gerecht ze ginn.

20 Joer Stëmm vun der Strooss heescht awer och, net stoe bleiwen, mä sech weiderentwéckelen; fest steet leider, datt d'Problemer vun der Aarmut och an Zukunft net méi kleng wäerte ginn an domatter och d'Erausfuerderungen, souwuel fir eis, wéi fir d'Associatiounen, déi sech ëm mannerbemëttelt Leit këmmere, fir de Staat a fir déi gesamt Gesellschaft.

**Marcel Detaille**  
President

Que celui ou celle qui sait lire, lise et partage ce journal avec celui ou celle qui n'a pas pu apprendre à lire !

Lieber Leser, teilen und lesen Sie diese Zeitung mit den Menschen, die das Lesen nicht lernen konnten!

### Excuses

Je m'excuse auprès de l'ensemble de l'équipe du Caddy pour les propos que j'ai tenus dans le reportage diffusé sur RTL Télé le 9 juin 2016 et je tiens à les redresser. La Stëmm vun der Strooss ne s'adresse pas uniquement à des personnes sans abri, toxicomanes, malades psychiques, anciens détenus, jeunes en difficultés, demandeurs d'asile et sans papiers mais également à des personnes qui bénéficient d'une mesure de réintégration professionnelle. Elles travaillent de façon très engagée, je les ai blessées et ce n'était pas mon intention.

**Alexandra Oxacelay**  
Directrice

# 20 JOER STÈMM VUN DER STROOSS

Editorial	2
Interview mam Dr. Arno Bache	4
Interview mam Alexandra Oxacley	6
Interview mam Eugène Schauss	9
Seit 20 Jahren im Dienst der Bedürftigen	11
Happy birthday Stëmm vun der Strooss	14
Interview mam Serge Roth	16
Stëmm Caddy	17
Retour sur les 10 premières années de la Stëmm vun der Strooss	18
Herausgepickt	20
Meine Arbeit bei der Stëmm	21
Angels Kinokritik	22
Papier ist geduldig, ich nicht	23
Les histoires de Meursault	24
Klick	25
Info	28
Impressum	28



Rejoignez-nous sur facebook  
Join us on facebook  
Werde Mitglied auf facebook



**Marco: Wéi ass d'Stëmm vun der Strooss entstanen?**

**Dr Bache:** D'Stëmm vun der Strooss ass 1996 entstanen, mir haten den 1. Februar 1996 ëm 17 Auer d'Grënnungsversammlung. Ech hat deemools scho méi eng laang Carrière an deem Beräich. Den 1. Abrëll 1985 hunn ech beim Gesondheitsministère ugefaange mat schaffen. Am Kader vun der Aarbecht hunn ech vun 1986 u Consultatiounen am deemools nei gegrënnte Foyer Ulysse vun der Caritas gemaach. Déi Zäit ass et och nach keen RMG ginn, dat heescht, d'Leit, déi op der Strooss waren, haten nach keng Krankekeess. D'Gesetz vum RMG ass 1986 beschloss ginn, an 1987 hunn d'Leit e kritt.

B. vun de Patienten aus dem Fleegeheim vu Woltz. Domadder hu mir bewisen, dass esou en Atelier funktionéiere kann. Trotz allem, iergendwou hu mir ëmmer festgestallt, dass et ze lues virugaangen ass. Ufanks 1996 hu mir ons zesumme gesat mam Här Roland Kolber a mam Här Robert Kanz, well mir festgestallt haten, dass et nach ze vill Leit ginn, déi ouni Beschäftegung do sëtzen. Doropshin hu mir dann decidéiert, eng ASBL ze grënnen, fir de Leit Beschäftegung ze ginn. Dunn huet sech d'Fro gestallt, wat fir eng Beschäftegungen do sinn. Z. B. war et am Ausland esou, dass et do Zeitunge gi si vu Leit, déi sozial schlecht dru waren an déi selwer erausbruecht hunn. Dat war och d'Iddi, vun där mir ons inspiréiere gelooss hunn. Anersäits war ons och kloer, dass mir net vill Suen zur Verfügung hätten, fir de Projet op d'Been ze setzen. Fir eng Zeitungsredaktioun ze grënnen, hu mir just ee Raum, Bicker a Pabeier gebraucht. Et stécht een net vill Suen dran, et mécht Sënn, a virun allem gi mir deene Leit och eng Stëmm. Mir kënne mat onsem Produkt erausgoen, et gëtt doriwwer geschwat, a wann iwwert ee Problem geschwat gëtt, da fänken d'Leit un, doriwwer nozedenken an eng Léisung ze sichen.

Ech muss och dozou soen, dass et déi Zäit vill Clientë gi sinn, déi net liesen a schreiwe konnten. Och dofir war et nëtzlech, déi Leit an der Redaktioun matschaffen ze loosser. D'Fro, déi sech gestallt huet, war: wéi soll d'Zeitung genannt ginn? No laangem Diskutieren a ville Virschléi hu mir eis fir « Stëmm vun der Strooss » entscheet, den Numm huet eise Kolleg Serge fonnt. Dat hu mir dann och public gemaach. Hei en Extrait aus dem Artikel « Aider les personnes marginalisées ou exclus de la société. Création de l'association « Stëmm vun der Strooss », deen den 9. Februar 1996 am Lëtzebuerger Wort publizéiert ginn ass:

« La création et l'édition d'un journal appelé « Vollek op

der Strooss » (le journal s'appelle maintenant « Stëmm vun der Strooss », note de l'auteur de cet Interview) destiné aux groupes de personnes marginalisées ou exclues de notre société comme, entre autres, les SDF (sans domicile fixe) est une des premières actions entreprises par l'association, qui a repris une idée existant déjà à l'étranger avec le Macadam Journal et le Réverbère (France).

« Stëmm vun der Strooss » aimerait travailler ensemble avec d'autres associations œuvrant dans le domaine social afin de promouvoir l'insertion sociale et professionnelle à partir d'un concept de « training on job » par les activités diverses du journal, mais elle veut aussi avoir une mission d'information, de représentation et de création d'activités et d'emplois. De plus, elle s'est donné une mission culturelle et éducative et désire promouvoir l'organisation syndicale des personnes concernées, de manière à ce que leurs demandes et revendications soient reconnues. »

De 24. Februar 1997 ass dann d'Konventioun mat dem Gesondheitsministère ënnerschriwwen ginn. Nodeems mir d'Grënnung public

gemaach haten, hu mir ons missen ëmkucken, fir e Logement ze fanne fir ons Redaktioun. Natierlech hu mir och Mataarbechter gebraucht. Déi éischt Presidentin war d'Françoise Kuffer. De Jacques Hansen, dee kierzlech verstuerwen ass, war vun Ufang u Vize-President. Dat Joer drop ass d'Alexandra Oxacelay als Journalistin dobäikomm. Mir hunn en Appartement kritt um Lampertsberg, an der Allée Scheffer, wou dann einfach d'Basis gemaach ginn ass. Mir waren 1 Joer an der Schefferallee, bis dass kloer ginn ass, dass dat Appartement ze kleng war. 1998 si mir also op d'Sich gaangen, fir eppes méi Grousses ze fannen, an am Abrëll 1998 hunn ech dat Haus zu Bouneweg entdeckt, wat mir da gelount hunn. Mir waren deemools alleguerte sécher, dass et duergeet, wa mir 35 lessplazen hunn. Dofir war dat Haus absolut perfekt. Déi Zäit hu mir ugefaangen, fir d'Leit lessen ze preparéieren, ouni grouss Reklamme ze maachen. D'Aweigung vum Haus war 6 Méint duerno, wou schon alles am Lafe war. Et war ons déi Zäit och ganz wichteg ze bewisen, dass een esou e Projet matzen an engem Wunnquartier maache kann, ouni dass dat grouss Problemer géif mat sech bréngen. Mir hunn deemools just mat den direkten Nopere vum Projet geschwat, an déi Leit haten eng ganz positiv Astellung. De Projet Stëmm vun der Strooss huet sech ëmmer méi entwéckelt. Mir hu mat dem Dr. Stëmm, der Ambulanz Spidol op Rieder ugefaangen. Dono ass d'Immostëmm komm, an dann zu Esch d'Schweessdrëps.

**Marco: Wat war de Grond, fir d'Atelier-thérapeutiquen opzemaachen?**

**Dr Bache:** Déi Zäit sinn et schon Atelier ginn, wéi z. B. Nossbiere (1967 gegrënnt) a Kräizbiere (1977 gegrënnt). Mee als Santé ware mir fir d'Psychiatrie zoustänneg, an an deem Beräich ass Enn den 80er Joere d'Psychiatrie extra-hospitalière opgebaut ginn, fir de Leit e Logement an eng Beschäftegung unzébiden. An deem Kader ass d'Association d'aide par le travail thérapeutique pour personnes psychotiques gegrënnt ginn, an déi hunn déi éischt Atelierien opgemaach. D'Atelier-thérapeuti-

**Aider les personnes marginalisées ou exclus de la société****Création de l'association «Stëmm vun der Strooss»**

L'association «Stëmm vun der Strooss» a été créée jeudi après-midi au siège de l'association au Kirchberg. Cette association s'est donné comme but de «réaliser, promouvoir et supporter toutes activités en rapport avec l'information, la représentation et la défense des intérêts des couches sociales exclues ou à risques d'exclusion, tant sur le territoire du Grand-Duché de Luxembourg que sur le plan européen et international».

La création et l'édition d'un journal appelé «D'Volek op der Strooss» destiné aux groupes de personnes marginalisées ou exclues de notre société comme, entre autres, les SDF (sans domicile fixe) est une des premières actions entreprises par l'association qui a repris une idée existant déjà à l'étranger avec le Macadam Journal et le Réverbère (France).

«Stëmm vun der Strooss» aimerait travailler ensemble avec d'autres associations œuvrant dans le domaine social afin de promouvoir l'insertion sociale et professionnelle à partir d'un concept de «training on job» par les activités diverses du journal, mais elle veut aussi avoir une mission d'information, de représentation et de création d'activités et d'emplois. De plus, elle s'est donné une mission culturelle et éducative et désire promouvoir l'organisation syndicale des personnes concernées, de manière à ce que leurs demandes et revendications soient reconnues.

L'association estime qu'apporter son aide en matière d'hébergement et d'alimentation n'est pas suffisante, mais qu'il faut bien plus contribuer à l'intégration sociale des personnes marginalisées. Le journal sera diffusé sous forme papier et sous forme informatique par le réseau Internet et Socialnet. Une première édition sous forme informatique est aujourd'hui déjà disponible sur Internet (<http://www.santel.lu:80/SNL/vods/home.html>). La «Redaktionsstüff» sera un lieu de rencontre où se noueront des contacts et où des repas et des boissons seront servis. La connexion au réseau Internet fait partie des services offerts. Le Centre Henri Tudor a promis son soutien à l'association. Soins, suivis psychologiques, repas, assistance administrative et technologique font partie des autres services proposés. En tant que lien avec le marché du travail et en tant qu'organe de représentation des personnes concernées, une organisation syndicale établira des contacts avec les milieux politiques et syndicaux et avec le public. Une bonne collaboration avec le service médico-social, avec l'industrie, les différents foyers et associations, le système pénitentiaire et les structures sociales étatiques et privées est très importante si l'on veut faciliter la recherche d'un emploi à ceux qui n'en ont pas ou plus. Les statuts présentés par Robert Kanz et Françoise Kuffer furent adoptés. Le conseil d'administration se compose de Françoise Kuffer, présidente, Jacques Hansen,

vice-président, Robert Kanz, secrétaire, Roland Kolber, trésorier, Serge Knoch, Nancy Spanier, Marianne Dupong, Jo Schroeder, Jean Huss, Arno Bache, Jeanne Feltes, Eugène Schauss, Liliane Lemmer, Chris Scott, Paul Moes, Bob Krieps, Patrick Bodenbourg, Jean-Marie Halsdorf, Sylvain Petry, Guy Munhoven, Mike Belfort, René Pizzaferrri, membres. La cotisation est fixée à 500 F pour les membres adhérents et à 1 000 F pour les membres honoraires et les associations. Un régime spécial est appliqué aux personnes démunies. Lors de la discussion ouverte à tous les membres, on se rendit compte qu'au niveau de la neutralité politique et dans le choix des articles à publier dans «D'Volek op der Strooss» d'importantes divergences d'opinion subsistent. Espérons que le but commun – aider les SDF – parviendra à rapprocher les mentalités ou au moins à faire preuve de tolérance. Refuser des articles frisant le racisme et la xénophobie fut par contre un point commun pour tous. Il serait à notre avis certes très dommage si une association qui se veut politiquement indépendante et tolérante se laisse glisser sur les sentiers de la confrontation et de l'intolérance face aux croyances politiques, philosophiques et religieuses et ceux qui en pâtiraient le plus seraient certainement ceux à qui tous les membres de bonne foi aimeraient venir en aide. Quel génie de bonnes volontés dans ce cas. Csk

quë sollten eng Etapp si fir op den éischten Aarbechtsmaart. Dat war déi Zäit scho schwierig, an haut bei 15000 oder 16000 Aarbechtsloser ass et nach méi schwéier.

**Marco: Wou gesitt dir d'Stëmm vun der Strooss an deenen nächsten 20 Joer higoen?**

**Dr Bache:** Jo, mä Wonsch wär jo, dass mir keng Stëmm méi brauchen, mee ech mengen dat ass Wonschdenken. Wann een dorunner denkt,

dass mir mat 35 Persoune gerechent hunn, wéi d'Stëmm gegrënnt ginn ass. Haut si mir eleng an der Stad bei iwwer 200 Leit, an et geet hannen a vir net méi op. Mir mussen kucken, fir nach zousätzlech Plazen ze fannen.

**Misch: Et muss een och dobäi soen, dass an de leschte Joren d'Clientèle sech geännert huet. Ass et ugaange mam traditionelle „Clochard“?**

**Dr Bache:** Deen et esou eigentlech ni richteg ginn ass. De „Clochard“, deen dat gewielt hat, esou Leit hunn ech der eigentlech nëmme 4 oder 5 kannt. A meeschtens haten déi Leit dann och nach aner Problemer, déi dozou gefouert hunn. Et war also net einfach de Problem, keen Daach iwwert dem Kapp ze hunn. Ech hunn och ee kannt, deen ass leider scho gestuerwen, deen huet bis 60 Joer geschafft an hat eng Pensioun. Et war och eng Famill do, déi hie bei sech wollt ophuelen, mee hie wollt net. Hie wollt och ni an de Foyer schlofe kommen. Dat war säi Choix. Mee dat war déi grouss Ausnam.

**Misch: Momentan ass jo eng Kris an Europa. Vun iwverall kommen d'Leit heihin, an et sinn och vill Mënschen dorënner, déi emol net wëssen, dass et Lëtzebuerg iwverhaapt gëtt. Bei ons an der Stëmm hu mir iwwer 80 Nationalitéiten, an et gëtt net manner.**

**Dr Bache:** Dofir ass et och bal onméiglech ze soen, wéi et an 20 Joer ausgesäit. Mir wëssen och net, wat fir eng Krisen nach op eis duerkommen oder wéi et hei a Lëtzebuerg wäert ausgesinn. Et ginn awer ëmmer Leit, déi gehollef mussen kréien, doranner sinn ech mir sécher.

**Jeff: Wann d'Zuel vun de Leit ëmmer méi grouss gëtt, ass dann net déi Gefor do, dass mir da mussen versichen, d'Zuel vun de Leit anzegrenzen, déi bei d'Stëmm vun der Strooss kommen?**

**Dr Bache:** Ech fäerten, d'Fro ass berechtigt. Wann ëmmer méi Leit kommen, kënne mir elo net moies Lotterie spillen a soen: „Du kanns eran an du net“. Mir mussen do kucken, dass mir méi Méiglechkeeten zur Verfügung stellen. Mee eent ass sécher: eng Struktur, wéi mir se zu Hollerech hunn, sollt och net méi grouss ginn. Soss ass et einfach net méi iwwersichtlech, an do wär och keng Atmosphär méi do. Ech mengen, soss kéinte mir och eng industriell Hal lounen, wou keen deen anere kennt, mee dat ass net d'Zil dovunner. Da léiwer eng zweet oder eng drëtt Stëmm, an d'Atmosphär bleibt erhalen. Et ass genau wéi d'Atelier-thérapeutiquen: mir maache keng Struktur op, wou méi wéi 50 Leit schaffen.

**Grënnungscomité:**

Dr Arno Bache, John Castegnaro, Ben Fayot, Danièle Fonck, Jean-Marie Halsdorf, Jacques Hansen, Robert Kanz, Serge Knoch, Roland Kolber, Bob Krieps, Liliane Lemmer, René Pizzaferrri, Eugene Schauss ...

Hei ass elo een Deel vun de Leit, déi am Grënnungscomité matgewierkt hunn, fir de Projet Stëmm vun der Strooss ze realisieren. Insgesamt hu 76 Persoune sech um Projet bedeelegt, déi elo net allegeren opgezielt kënne ginn. Am Numm vun der Stëmm vun der Strooss soe mir allegeren deene Leit ee grouse Merci fir hiert soziaalt Wiesen an hiren Engagement.

**D'Redaktioun vun der Stëmm vun der Strooss seet lech Merci fir den Interview.**

Marco

# Interview

## mam Dr. Arno Bache,

Grënnungsmitglied vun der Stëmm vun der Strooss

Ech war déi Zäit och nach relativ nei, an déi Aarbecht huet mech interesséiert. Ech hu spéider och an der Téistuff matgeholf. Déi war déi Zäit nach am Rollengergronn. Dat hunn ech dann eng Partie Joere gemaach. Ech konnt doduerch déi ganz Entwécklung materiewen. Ech war an der Téistuff, wou ëmmer vill Leit sutzen, déi keng Beschäftegung haten. Ufank der 90er Jore sinn d'Atelier-thérapeutiquen an der Psychiatrie extra-hospitalière entstanen. Do koum d'Iddi, datselwecht fir d'Leit aus der Téistuff an dem Foyer de nuit ze maachen. Do ware vill Leit skeptesch, an et huet keen dorunner gegléift. Ech si mam Liliane Lemmer, Assistante sociale an och Responsabel vun der Téistuff, bei d'Mme Polfer gaangen, déi déi Zäit Buergermeeschter war, an déi huet ons eng Garage, déi der Gemeng gehéiert huet, an der rue de l'Académie zur Verfügung gestallt.

Déi Garage hu mir da mat wéinege Méttelen ugestrach, e puer Wäschmaschinen dragestallt a mat 17 Leit aus der Téistuff an aus dem Foyer de nuit privat d'Wäsch gemaach, z.

**Wéi bass du bei d'Stëmm komm?**

Ganz zoufälligerweis. Ech hunn eng Annonce an der Zeitung gesinn, dass d'Stëmm e mi-temps Journalist géing sichen. Dat war déi Zäit, wou ech als Freelance als Journalist e bësse riets a lénks ënnerwee war. Ech hat Journalismus studéiert, well ech eppes un der Gesellschaft wollt änneren. Ech wollt d'Leit op Saachen opmierksam maachen, déi mech gestéiert hunn, a mat där Zeitung, déi et nach net hei zu Lëtzebuerg ginn ass, huet dat mir d'Méiglechkeet ginn, dat ze maachen.

**Wéi laang ass dat hier, wéi's du bei d'Stëmm koums?**

Dat war 1998, mat 26 sinn ech bei d'Stëmm komm.

**Wou hues du studéiert?**

Op der ULB zu Bréissel hunn ech Journalismus a Kommunikatioun studéiert.

**D'Stëmm vun der Strooss, woussst du, wat dat wär, oder hues du dech do missen informéieren, a wéi hues du dat gemaach, well mam Internet war et jo nach net esou déck.**

Ech hat keng Anung vun deem, wat d'Stëmm vun der Strooss war, an et goufen nach net vill Informatiounen, well d'Stëmm ass 1996 gegrënnt ginn. 1997 ass deen éischten Assistant social agestallt ginn.

Awer ech hat schonn héiere vun deenen Zeitungen, déi et am Ausland goufen. Ech konnt mech net vill informéieren, well et net vill Informatiounen gi sinn, et gouf keen Internetsite. Ech hat e puer Artikelen fonnt a gelies. Dat eenzegt, wat et deemools iwwert d'Stëmm gouf, dat war de Service médical, deen op Basis vum Benevolat fonctionnéiert huet, a soss gouf et nach näischt. D'Stëmm gouf et um Pabeier, et gouf nach kee Restaurant, et gouf nach keen Treffpunkt an et gouf nach keng Zeitung. Ech

hunn d'Stëmm presentéiert kritt, wéi ech mech virgestallt hunn: "Mir brauchen eng Persoun, e Journalist mi-temps, deen eis eng Zeitung op d'Bee stellt. Sidd dir interesséiert?" Dunn hunn ech hinne gewisen, wat ech alles geschafft hunn, an ech hu probéiert, se z'iwwerrieden. Ech sinn du geholl ginn, an deen Assistant social, dee mech agestallt hat, war deemools Chargé de Direction. Et war de Jean-Marie Barnisch, deen d'Colabor mat opgebaut huet. Deen ass du fortgaange vun der Stëmm. Et war

also kee méi do, dee Chargé konnt ginn, an do hunn se mech du gefrot, ob ech et wéilt maachen. Ech hu jo gesot, a Gott sei Dank hat ech vill Hëllef vum Ministère de la Santé, vum Dokter Bache, dee mech ëmmer erëm begleet huet, wann ech net wouss, wéi ech Saache kéint op d'Bee stellen.

**20 Joer Stëmm, wéi hues du déi Zäit erlieft?**

Wéi wann et gëschter wär. Vill Ännerungen, vill Froen, vill Decisiounen, déi hu misse geholl ginn, vill Saachen, déi hu misse ausprobéiert ginn, vill flott Erfarungen. Näischt, wat mer leeddeet.

**Wéi huet sech d'Situatioun op der Strooss an dengen Ae geännert?**

Och déi huet vill geännert. D'Aarmut huet zougeholl. Wéi d'Stëmm gegrënnt ginn ass, wéi mir Raimlechkeete gesicht hunn, hu mer gesot, mir brauchen e Restaurant fir 30 Leit, an dat war zu Bouneweg. A wa mer elo kucken, wou mer ukomm sinn, mat enger Moyenne vun 200 Léit den Dag, déi all Dag kommen, da muss ee soen, dass sech vill geännert huet. D'Populatioun

mir si fir jiddereen do, a mir maache keng Selektioun. Mir si fir déi Leit do, déi an Nout sinn, déi am Besoin sinn. Mir kënnen ons net virun d'Dier stellen a soen "Du hues blo Aen a blond Hoer, dech loosse mer eran, an du gesäis anescht aus, an dech loosse mir dobaussen". An deenen 20 Joer, wou mir elo hei zu Hollerech sinn, hu mer ëmmer gesot, datt eis Dieren op si fir jiddereen. An dat war och de Wëlle vum Ministère de la Santé. Do ënnerscheede mir eis vun all deenen anere Strukturen. Aner Associatiounen soe ganz spezifesch, mir sinn nëmme fir Drogenohängeger do, oder mir sinn nëmme fir Leit, déi Alkoholproblemer hunn, oder mir sinn nëmme fir Jugendlecher do. Déi Definitioun vun der Populatioun hu mir ni gemaach. Mir sinn do fir Leit, déi groussjäreg sinn an déi an Nout sinn, déi Problemer hunn, sief et medezinesch Problemer, psychologesch Problemer a sozial Problemer. Déi Konditioun vu groussjäreg sinn, déi hu mer opgehuewen am Wanter. Mir loossen och mëttlerweil Kanner erakommen, awer just a Begleedung. Du kanns net d'Elteren era-

**Ziel eis e puer Anekdote vun deenen 20 Joer.**

Och, do sinn der esou vill. Eisen Ausfluch op Paräis hunn ech ganz, ganz schéi fonnt, esou wéi d'Leit reagéiert hunn. Eisen Ausfluch op Cannes war och e ganz schéine Moment.

Wéi ech mam Häerz operéiert gi sinn a wéi d'Leit aus der Zeitung sech zesumme gesat hunn a mir eng Zeitung gemaach hunn. Wéi se mer geschriwwen hunn, si hätte gär, dass ech soll erëmkommen a si hunn eng Party organiséiert, an dat alles am Verstoppten, dat war e schéine Moment.

Wéi den Dem, deen elo net méi leeft, fir mäi Gebuertsdag bei mech an de Büro komm ass mat enger Blumm. Dat war een, dee keng Suen hat an deen déi Blumm an engem Virgäertche geklaut hat a mir déi geschenkt huet. Dat sinn esou kleng Momenter.

En drëtten ass, wéi ech d'Leit zu Cannes gesinn hunn, wéi si d'Mier fir d'éischt gesinn hunn, oder wéi se de rouden Teppich fir d'éischt gesinn hunn, oder dass se et genoss hunn, op eng Terrass ze goen, fir do e Stéck Fleesch z'iesse mat engem



# Interview

## mam Alexandra Oxacley,

Directrice vun der Stëmm vun der Strooss

huet sech geännert, et sinn der méi ginn, d'Nationalitéiten hu geännert.

**D'Populatioun ass definitiv net méi déiselwecht. Et ass net méi de classesche Strumert vun der Gare, deen d'Stëmm besiche kënn, mee et si vill méi Migranten aus Osteuropa, aus de Maghreb-Länner, aus Flüchtlingsgebieder.**

An déi Populatioun verdreift zum Deel och déi Populatioun, fir déi mir gegrënnt gi sinn. Mee d'Stëmm huet ëmmer gesot,

loossen, an d'Kanner léiss du virun der Dier stoen. Mir hunn ëmmer gesot, mir wëllen nidderschwelleg schaffen, net ze vill Konditiounen stellen, mee dat gëtt schwierig vun deem Moment un, wou ganz vill Leit kommen. Fir déi Leit, déi um Terrain schaffen, fir déi, déi direkt am Kontakt si mat de Leit ass dat net einfach. Deem sinn ech mer awer och bewusst. Dat ass en Challenge, fir déi Leit dann ze halen a fir d'Saach am Grëff ze halen.

Glas Rouden, an dass si sech do virkomm si wéi eppes ganz Extraes, dat ware schéi Momenter.

Oder wéi den Abbé Pierre komm ass, an ech konnt mat deem schwätzen.

Schlecht Momenter war déi éischt Persoun, déi gestuerwen ass. Dat war den Nando, deen hat 20 Joer, an deen ass am Abridgout dout fonnt ginn, dat war mir nogaangen.

**Wéi gees du domadder ëm?**

Mëttlerweil soen ech, et gehéiert zum Beruff. Bei verschiddene Leit mécht et mech dann traureg, well ech méi mat hinnen ze dinn hat, an do ginn ech dann och op d'Begrieffnis, och aus Solidaritéit zu all deenen aneren, déi och dohinner ginn. Et dierf mech net ëmgeheien. Et ass awer och net, wéi wann et mer näischt géing ausmaachen. Et revoltéiert mech, ech soe mer ëmmer erëm, dat kann net sinn, dat ass net richtig. An et muss een an der Gesellschaft eppes maachen, fir deene Leit, deenen et net esou gutt geet, kënnen ze hëllefen, an dat, esouwäit mir kënnen. Et revoltéiert mech ëmmer erëm. Et mécht mech méi rosen ewéi traureg. Wann ech héieren, dass een dout an enger Telefonskabinn erëmfonnt ginn ass, dat mécht mech immens rosen.

**Wéi gesäis du d'Aarmut am Land?**

All Dag kënnt se zur Dier eran, an de Gesichter vun de Leit gesinn ech se. Si ass a Progressioun, si geet an d'Luucht. Si huet vill verschidde Gesichter. D'Aarmut, dat kënne Meedercher sinn, déi op de Stréch ginn. Dat kënnen d'Romme sinn, déi op der Strooss setzen an heesche ginn. Aarmut ass awer och räich Leit, déi jugéieren iwver Leit, deenen et net gutt geet. Ech fannen et och aarm, wa Leit net tolerant sinn. Aarmut ass verbonne mat Aggressivitéit, mat Konflikter. Hei zu Lëtzebuerg, fannen ech, probéiert een, d'Aarmut ze verstoppen, an et ass och gutt verstoppt. Wann ech Froen héiere vu Leit, déi um Kierchbiere schaffen: "Hutt dir Obdachloser? Wou sinn déi dann? Déi gesi mer net." Jo, wann een net iwver d'Gare geet, da gesäit een se net. Ech menge wierklech, dass d'Aarmut zu Lëtzebuerg verstoppt ass, an dass alles gemaach gëtt, fir dass se verstoppt bleift an deem Sënn, dass déi Servicer alleguer an ee Quartier kommen, dass et zentraliséiert ass.

**Ass dat dann e politeschen Wëllen?**

Jo, ech sinn iwverzeegt, dass dat esou gewollt ass, dat soll verstoppt sinn. Et ass verstoppt, mee mir hunn et awer nach am Grëff, am Verglach mat anere Länner oder mat anere Stiet. Wann ee Paräis kuckt z.B., déi hunn net genuch Raimlechkeeten, net genuch Better fir all déi Leit, déi op der Strooss sinn, déi hu Bidonvillen. Déi hate mer och am klengen, d'Croix-Rouge huet awer ganz séier Moyene kritt vun der Regierung, fir d'Zeltstad verschwannen ze doen. Dat heescht, well mir awer och e klengt Land sinn, gëtt séier reagéiert. Et sinn awer vill Initiativen an de leschte Joren entstanen, déi ëmmer ërem iwvert de Staat bezuelt ginn. Et geet net duer,

mee et kann een och net soen, dass zu Lëtzebuerg näischt gemaach gëtt. De Problem ass, déi Servicer kommen net no. Op där enger Säit hëlt d'Aarmut zou, an op där anerer Säit kënnt de Staat awer net no, fir de Problem ze léisen.

**Mee dann huet de Staat eidel Wunnengen, a si ginn awer net verlount.**

De Staat ass net séier genuch, d'Gemenge sinn net séier genuch. Wéi flexibel sinn eis Gesetzer? Wéi séier geet et mat den Autorisatiounen? Et sinn aner Saachen, déi méi Prioritéit hunn, well dat Sozialt kascht ëmmer nëmmen. Et ass e Faass ouni Buedem a bréngt awer näischt eran.

Et misste méi Sozialwunnenge gebaut ginn, da géifen d'Präisser erofgoen. Mee et si vläicht aner Saachen, déi dem Staat méi wichteg si fir z'investéieren, mee dat misst dir de Premier seen.

Mir hunn an haten an deene leschten 20 Joer ëmmer en oppent Ouer vum Ministère de la Santé, mir si vun engem Posten op 40 eropgaangen. Mëttlerweil beschäftege mir 33 Leit a Vollzäit, a mir hu 5 Adressen. Dat heescht, mir si ganz séier gewuess.

**War dat net e Strapp ze schnell gaangen?**

Also mir ass et an deene leschten 2 Joer ze séier gaangen. Dofir stelle mir och en Directeur administratif an, well wann ee méi grouss gëtt, hëlt d'Zuel vun de Problemer, déi een huet, och net of, mee éischer zou.

**Géifs du haut eppes anescht maachen?**

Nee, well ech an all deem, wat ech gemaach hunn, ëmmer de Maximum ginn hu vun deem, wat ech konnt maachen an deen ech kapabel war, ze maachen. Et ass och näischt vun deem, wat ech gemaach hunn, wat ech bereien. Wat géing ech anescht maachen? Déi Saachen, déi ech wëilt anescht maachen, déi sinn net a menger Muecht, wéi dem Dag méi Stonne ginn, fir méi kënnen ze maachen. Mee dat kann ech net. Ech mengen net, dass iergendeng vun den Decisiounen, déi mir getraff hunn, falsch war. Et ass näischt do, wat ech bereien.

**Sinn dann nei Projeten en vue?**

Jo. Mir géifen gär de Caddy nach weider ausbauen. Da wënsche mer eis nach nei Raimlechkeeten, fir de Restaurant hei zu Hollerech ze entlaaschten, well hei vill ze vill Leit kommen. An an deenen neie Raimlechkeete kéint een de Caddy och weider ausbauen. Net elo e Restaurant, mee eng Plaz, wou d'Leit kéinten iessen, eng Plaz, fir eng 50 Leit ze bekäschtegen, ouni Kichen. Dat géif alles vun Hollerech aus beliwwert ginn. Dat ass z.B. am Gespréich. Dat ass e ganz

konkrete Projet, un deem mir am Gaange sinn ze schaffen a wou och de Wëlle vun der Stad Lëtzebuerg an och vum Ministère aus do ass. Si reagéieren am Fong op e Problem, op dee mir si opmierksam gemaach hunn. En anere Projet, deen eis virschwieft, deen awer nach net konkret ass, ass am Norden eng Schweessdrëps an e Restaurant opzemaachen, well et do nach näischt esou gëtt. Mee dorunner gëtt nach net geschafft, well mer och nach keng Raimlechkeeten hunn. Et sinn 3 Konditiounen, déi mer mussen erfüllen. Mir mussen d'Lokaler hunn, an déi mussen och den Zweck erfëlle kënnen. Mir brauche Posten, 2 Stéck, a mir brauche Suen, fir d'Lokaler ze equipéieren.

Et kann een net zeréckgoen, dat geet net. Et muss een ëmmer no vir goen, et kann een och net stoebleiven. Et kann een och net soen, mir wëllen eis elo net méi ausbauen, mir wëllen eis näischt Neies méi maachen. Wann ech dat géif soen, da wär ech falsch op der Plaz, an da géif ech meng Aarbecht verléieren. Da kréich ech gesot, ma da bass du net méi déi Persoun, mat där mir wëllen zesummeschaffen, da gëss du ersat. Wann um Terrain Ännerunge kommen, da musse mir mat deenen Ännerunge matgoen, ob mir wëllen oder net. Mir mussen eis adaptéieren. Den Drock, fir eis ze vergréssere koom net vum Ministère, mee vu ganz anerer Säit. Den Drock fir en anert Lokal ass vun de Leit komm. D'Aarmut hëlt zou, an et komme vill méi Leit. Mir soen, mir maachen d'Dieren net zou, mir sinn op fir jiddereen. Hei ass elo investéiert ginn, a mir ginn dat heiten elo net op. Eng aner Léisung ass en zweete Raum, en zweete Restaurant.

Beim Staat ass et esou: vun deem Moment un, wou ee vun eppes ufänkt ze schwätze bis do, wou et konkret gëtt, verginn 10 Joer. Dat ass fir all déi ganz grouss Projeten. Kuckt emol d'Fixerstuff: wéi laang gëtt elo schonn doriwwer geschwat, a wéi laang sinn déi schonn an engem Provisorium? Ech sinn der Meenung, dass et besser ass, d'Saache kleng unzegoe wéi ze soen, mir maachen näischt, mir waarden, bis et perfekt ass, well dat ass déi beschten Haltung, fir näischt ze maachen. An ech funktionéieren net esou, léiwer kleng Schrëtt, a komm, mir kucke vun Dag zu Dag. Well et gëtt ni perfekt.

**Wou gesäis du d'Stëmm an 20 Joer?**

Am léifste géing ech d'Stëmm an 20 Joer esou gesinn, dass mir se net méi géife brauchen. Dat wär e Wonsch, mee deen ass net realistesch.

**Merci fir d'Gespréich.**

*Skippy*



# Interview

## mam Eugène Schauss, alias Pappa Schauss,

fréieren Assistant social vun der Stëmm vun der Strooss

**Wéi sidd Dir bei d'Stëmm komm a wéi e Joer?**

Dat war den éischte Juni 2001. Virdrun hunn ech am Foyer Ulysse, dem Nuetsfoyer vun der Caritas geschafft. Dat heescht, de Changement war scho grouss. De Foyer Ulysse ass nämlech fir Leit geduecht, déi och do schlofen, am Géigesaz zu der Stëmm, déi e Centre de jour ass. Wéi ech dohinner komm sinn, geet wäit zeréck, quasi bis op déi offiziell Grënnung vun der Stëmm, wou ech mat dobäi war. D'Zil war et deemools, de Leit vun der Strooss eng Méiglechkeet ze ginn, sech selwer auszedecken. Iwwer dat, wat se gelieft hunn an elo nach liewen. Firwat se op der Strooss gelant sinn, wat se iwverhaapt mengen, a wéi se hir Zukunft gesinn. D'Iddi war eng Zeitung ze maachen, fir dass d'Leit sech kéinte perséinlech ausdrécken. Ech muss och zouginn, no bal 16 Joer als Responsabel hat ech och Loscht, eppes aneschters ze gesinn wéi

de Foyer Ulysse. Ech wollt e bëssche méi eng roueg Aarbecht hunn an éischer just meng Assistant-socials-Aarbecht maachen. Jo, an enges Daags koom et dunn dozou. Si hu scho länger Zäit ee gesicht bei der Stëmm, an dunn hunn ech mech decidéiert. Deemools waren op der Stëmm nëmmen 3 Persounen. D'Alexandra, als Directrice oder Chargée de direction, d'Ghyslaine als Educatrice graduée an d'Susanne als diploméiert Pädagogin. Do koom ech dann dobäi. Ech hat mech och gefreet, well ech op der Stëmm keng Nuechterspermanence méi hu brächten ze maachen, och keng Weekender, keng Feierdeeg geruff si ginn, wa mol ee gefeelt huet. Dat war 2001, an dat war dann och dat Joer. Ech war jo nach net laang do, do hunn d'Leit vun der Redaktioun mech geruff: „Usch komm mol kucken!“ Do hu se mir op de Computere gewisen: “Hei, do!” An ech hu gesot: „Dat ass dach egal wat, dat do!“ - Fligeren, déi

an d'Wollekekrazerten erageflunn an explodéiert sinn... Dat waren dann déi berühmte Attentäter an Amerika. Dat war esou mäin Ufank.

#### Erkläert äis Är Aarbecht op der Stëmm.

Ech konnt meng Aarbecht ëmmer esou maachen, wéi ech mir et virgestallt hunn. Ech hat do vollen Appui vum Alex a vum Verwaltungsrat. Aus wat huet d'Aarbecht bestanen? Dat war mol fir d'éischt, mech e bësschen ëm d'Leit ze këmmen. Et war während engem Joer keng Assistante méi do, do si Leit komm, déi Problemer haten, wéi keng Aarbecht hunn, keng Krankekeess, Wunnengsproblemer selbstverständlech. Ech hu mech ëmmer ë bëssche géint dat Wuert „Strummerten“ gewiert, well net all Leit louchen op der Strooss. Et haten der eng Wunneng, mee da muss een dobäi soen, déi Wunnenge ware meeschtens kleng a miserabel, net equipéiert, keen anstännege Sanitär, e Schaf, deen nach just 3 Féiss hat, an dat fir e wahnsinnege Loyer, deen se hu misse bezuelen. Da koumen nach aner Saachen dobäi: ganz vill Leit haten einfach keen Akomes, fir sech iwwerhaupt emol e Logement kënnen ze leeschten, e Loyer ze bezuelen, ganz ofgesi vun der Qualitéit, ... Do waren dann och nach Leit, déi vill Scholden haten, vill Rechnungen, déi net bezuelt waren, déi Problemer mat Huissieren haten ..., ... Dat war da meng Aarbecht, mat de Leit ze schwätzen, mat hinnen ze kucken, wat ee maache kann an virun allem, wou fänke mir un? Dir kennt dat besser wéi ech. Et gouf och vill Familljeproblemer, déi net ganz lëschtég ware fir d'Personen: Separatiounen, Divorcen, asw., déi net esou gutt ausgaange sinn. D'Leit hunn en Affekot gebraucht,

haten awer keng Suen, fir en Affekot ze bezuelen. Déi hunn ech da weidergeleet un d'Assistance judiciaire.

Ech hu Kontakter opgeholl mam Fonds National de Solidarité, mat dem Office social, egal wou am Land. A mir haten den Dokter Bache dobäi, dee scho virun der Ambulanz a senger Fräizäit an de Foyer Ulysse koom. Dat muss een ënnersträchen. Sou no an no hu sech vill Kontakter op d'Been gesat. Ech hat och e kleng Budget. Vill ze kleng natierlech, fir sou vill Leit, déi eng Hëllef gebraucht hunn. E kleng Budget, fir de Leit heiansdo eng kleng finanziell Hëllef ze ginn. Dat war eigentlech dat schwiergste: „Wiem hëllefden ech, wiem hëllefden ech net?“

Ech hunn dann och ugefaangen, mech ëm Statistiken ze këmmen. Bis dohin huet d'Personal just gezielt, wéi vill Leit am Dag komm sinn, well si bei deem Undrang vill aner Saachen ze maachen haten an keng Zäit dofir do war. Dat huet awer kee richteg Bild ginn. Ech hunn dann ugefaangen, méi präzis Statistiken ze maachen, fir herno kënnen ze soen, et waren esou vill verschidde Leit am Joer do, op déi elo eng Kéier am Joer komm sinn, méi oft oder ob se all Dag komm sinn. Mir haten deemools eng Moyenne, iwwert d'Joer gerechent, vu 46 Leit am Dag. Mee, wéi ech hei fortgaange sinn, virun zwee Joer, dann hate mir schon eng Moyenne vun iwwer 150 Leit pro Dag!

#### Jiddereen nennt Iech Pappa Schaus. Wéi kommt Dir un deen Numm?

Éierlech gesot kann ech mech net méi genee erënneren, wéi et dozou komm ass. Ech krut deen Numm am ale Foyer Ulysse. Ech

hunn elo wuel eng Persoun am Verdacht, eng Fra, déi domadder ugefaangen hätt. Do huet dat sech verbreet. Woubäi ech awer éierlech gesot mat Pappa net vill ze dinn hunn. Mag sinn, dass ech fir gewësse Kollegen a Kolleginnen vläicht e bësschen ze gutt war. Mee ech kann dat elo net behaupten.

#### Wéini sidd Dir an d'Pensioun gaangen?

An d'Pensioun sinn ech gaange virun zwee an en halleft Joer. Enn 2013. Ech sinn nach mat geplënnert vu Bouneweg, mee ech war net méi ganz laang zu Hollerech. De Bureau, deen ech an der Stëmm zu Bouneweg hat, war e ganz flotte Bureau, wou een eng flott Vue op de Gaart hannen hat. An ech soen och ganz kloer, mir huet et besser zu Bouneweg gefall. Et war méi familiär. Dat ass elo eng perséinlech Meenung. Mee ech muss och soen, et war absolut noutwendeg, an een neit Gebai ze plënnern, mat uerdentlechen a genuch Sanitären a méi Plaz fir z'essen an sech opzehalen. Verschiddener vun iech wäerten sech nach erënneren: zu Bouneweg gouf et just eng Sëtzttoilette an ee Pissoir, an du si scho bis zu honnert Leit den Dag komm. Doniewent keng Duschen, keng Méiglechkeet, eng Wäsch ze maachen. Dat war wierklech schon net méi zäitgeméis. Dat war jo ganz uewe gewosst. Duerfir ass dann och dat heiten, dese Centre gebaut ginn. An dat ass och gutt esou.

#### War den Abschied schwéier?

Schwéier, dat kann ech elo net behaupten, mee am Ufank war et komesch. Ech war Assitant social vu 1976 bis 2013. Virdrun hunn ech privat bei enger Firma am Personalbüro geschafft. Ech war dann 8 Joer an der Belsch zu Léck Assitant social. Déi Zäit war d'Belsch Lëtzebuerg am soziale Beräich wäit viraus. Duerno war ech bal 16 Joer am Foyer Ulysse bei der Caritas an du ronn 12 Joer bei der Stëmm. Dat mécht schon en décke Pak. Wann een dann ophält, quitt dass een „Yuppie, super, Pensioun!“ denkt, war et déi éischt Méint awer schon e komescht Gefill.

#### Wéi verbréngt Dir Är Zäit no der Stëmm?

Ech sinn nach President bei enger klenger Associatioun, wat eng ONG de développement ass, mir maachen Entwécklungshëllef fir Kanner a Kolombien. Dat bréngt mir schon e bësschen Aarbecht, well wa Projeten erakommen, déi kommen op Spuenesch, an da muss dat iwwersat ginn. Mir hunn net genuch Fongen an net genuch Donen, fir esou Projete kënnen eleng ze droen. Dat heescht, mir schaffen dann och mam Kooperatiounsministère zesummen. Doniewent begéinen ech heiansdo engem deemolege Client op der Strooss, op enger Terrass, an engem Buttek. Wann dee mech erkennt a Moie seet, kënn et och vir, dass e mech dann op eppes uspricht: „So, ech hunn do e kleng Problem, kanns de mir net hëllefden?“ Sou dass ech an Tëschenzäit och nach e puermol hei zu Hollerech an der Stëmm wor, oder vis-à-vis um Fonds National de Solidarité. Op der Pensiounskeess oder op der Kannergeldkeess war ech och schon, méi fir eng Informatioun ze kréien a fir d'Leit ze informéieren, hei du muss d'est an dat maachen. An dann heiansdo och, wa Pabeieren auszufälle sinn, an si ginn net eens, da paken ech och gär eng Hand mat un. Ech reese gären. Ech liesen och vill. Ech kachen doheem. A soss loosse ech mir et gutt goen.

#### Merci fir d'Gespräch.

Angel

# Seit 20 Jahren im Dienst der Bedürftigen

*Seit ihrer Gründung 1996 verfolgt die Stëmm vun der Strooss beharrlich ihr Ziel: Unterstützung für Menschen, die am meisten die Hilfe brauchen, aber aufgrund der Gesetzgebung oder anderen Hindernissen keine Hilfe bekommen. Und das in jeder Hinsicht.*



Die a.s.b.l. bietet eine Vielfalt von Arbeitsplätzen an Menschen, die Schwierigkeiten haben auf dem 1. Arbeitsmarkt eine Stelle zu bekommen. Verschiedene Ateliers unterstützen diese Leute, sich (wieder) an einen geregelten Tagesablauf zu gewöhnen und Freude an der Arbeit zu finden. Durch ihre Tätigkeit bei der Stëmm haben unsere Mitarbeiter die Möglichkeit anderen Menschen zu helfen, deren Lebenssituation noch problematischer ist. Das steigert ihr Selbstwertgefühl und schützt gewissermaßen vor der Lust, sich wieder auf irgendeine Sucht zu stützen.



In den 20 Jahren ist die Stëmm um einiges gewachsen und dadurch hat sich ihr Profil etwas verändert. Am Anfang haben die Obdachlosen die Stëmm als Anlaufstelle gesehen, wo man warm essen und gelegentlich ärztliche Hilfe bekommen konnte. Dort konnten sie auch frei über ihre Probleme reden und, dank der damals noch bescheidenen Zeitung, sie öffentlich machen.

Das war aber vor 20 Jahren. Heute hat die Stëmm vun der Strooss fünf Außenstellen, die tagtäglich etwa 300 Besucher empfangen. Das Angebot an Dienstleistungen ist vielfältig und deckt eigentlich den ganzen Bedarf der Kunden. Die Stëmm bietet heute nicht nur warmes Essen und einen Platz zur Erholung.

Seit November 2013 hat die Stëmm ihren Hauptsitz in ein neues Gebäude nach HOLLERICH verlegt. Die neuen Räumlichkeiten sind viel größer und moderner, deshalb konnten wir das Dienstleistungsangebot für unsere Kunden um einiges erweitern. Derzeit kann jeder kostenlos:

- duschen,
- seine Wäsche waschen lassen,
- saubere Kleider bekommen,
- sich die Haare schneiden lassen,
